N°2009
Entrée le 05.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister virun ze leeden.

Nodeems de Projet vum nationalen Sportsmusée zu Esch/Lankelz definitiv huet missen ad acta geluet ginn, huet den Sportminister am November 2024 eng Machbarkeetsstudie fir een nationalen Sportsmusée an der „ Hall des Turbines“ um Site vun der rouder Lëns ugekënnegt.

Anscheinend kéint den nationalen Sportsmusée och elo net do gebaut ginn.

Dozou wollt ech dem Här Sportminister follgend Froe stellen :

- Wat ass d’Resultat vun der Machbarkeetsstudie fir den nationalen Sportsmusée op der rouder Lëns?
- Stemmt et dass dëse Site och net kann zeréckbehalen ginn fir den Sportsmusée?
- Gëtt elo, ewéi den Minister et schonn an der Chamber ugekënnegt huet, no aneren Sitten an der Gemeng Esch oder an aneren Gemengen gesicht?
- Gedenkt den Här Minister vläicht een Appell un d’Gemengen ze riichten?
- D’Studie sollt 120 000 Euro HTVA kaschten – kann de Minister dëse Montant bestätegen?
- Wien ass fir dës Fraisen opkomm an, wann de Staat iwwert wat fir Budgetsartikel sinn dës bezuelt ginn?
- Wéi vill Käschten si bis elo insgesamt fir Bureau d’études, Beroder an Experten an de Projet vun engem nationalen Sportsmusée gefloss?
- Wien ass bis elo fir dës Käschten opkomm??

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu